

## Evangelium vum 3. Faaschtesonndeg (Joer A)

**Joh 4,5-15.19b-26.39a.40-42** (Kuerzfaassung)

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*

A. *Dir all Eier, Här.*

- 5 De Jesus ass bis bei eng Stad a Samaria komm, déi Sychar heescht  
an déi no bei deem Stéck läit,  
dat de Jakob sengem Jong Jouseph ginn hat.
- 6 Do war de Jakobsbur.  
Well de Jesus midd war vun der Rees,  
huet hien sech bei de Bur gesat;  
et war ëm déi sechst Stonn.
- 7 Du koum eng Fra aus Samaria, fir Waasser ze schäffen.  
De Jesus sot zu hir: "Gëff mir ze drénken!"
- 8 Seng Jünger waren nämlech fort an d'Stad gaang,  
fir eppes z'iessen ze kafen.
- 9 Du sot déi samaritesch Fra zu him:  
"Wéi kënnt et, datt s du, e Judd,  
mech, eng samaritesch Fra, fir eppes ze drénke frees?"  
– D'Judden halen sech nämlech net mat de Samariter op. –
- 10 De Jesus huet hir geäntwert:  
"Wann s du dem Herrgott seng Gof kenne géifs  
a wann s du wéisst, wien et ass, deen zu dir seet:  
'Gëff mir ze drénken!',  
da géifs du hie froen,  
an hie géif dir liewegt Waasser ginn!"
- 11 D'Fra sot zu him: "Här, du hues näischt fir ze schäffen,  
an de Pëtz ass déif.  
Wou hues du dann dat liewegt Waasser hier?"
- 12 Bass du éire méi dichteg wéi eise Papp, de Jakob,  
deen äis de Pëtz ginn huet a selwer draus gedronk huet,  
grad ewéi seng Jongen an all säi Vei?"

- 13 De Jesus huet hir geäntwert:  
"Jiddereen, dee vun dësem Waasser drénkt, gëtt nees duuschtereg.
- 14 Wien awer vun deem Waasser drénkt, dat ech him ginn,  
dee gëtt an all Éiwegkeet net méi duuschtereg,  
ma dat Waasser, dat ech him ginn,  
gëtt an him eng Quell mat spruddelegem Waasser,  
dat éiwegt Liewe schenkt."
- 15 D'Fra sot zu him: "Här, géff mir däers Waasser,  
fir datt ech net méi duuschtereg ginn  
an net méi heihinner ze komme brauch, fir Waasser ze schäffen!
- 19b Ech gesinn, datt s du e Prophéit bass.
- 20 Eis Pappen hunn op dësem Bierg ugebiet.  
Dir awer sot, datt Jerusalem déi Plaz ass, wou een ubiede muss."
- 21 De Jesus sot zu hir:  
"Gleef mir es, Fra, d'Stonn kënnt,  
wou dir de Papp weder op dësem Bierg nach zu Jerusalem ubiet!
- 22 Dir biet un, wat dir net kennt;  
mir bieten un, wat mir kennen.  
D'Rettung kënnt nämlech vun de Judden.
- 23 Ma et kënnt eng Stonn – an se ass elo schonn do –,  
wou déijéineg, déi wierklech ubieden,  
de Papp am Geescht an an der Wourecht ubieden,  
well där Mënschen, déi hien esou ubieden, sicht de Papp.
- 24 Den Herrgott ass Geescht,  
an déijéineg, déi hien ubieden,  
mussen am Geescht an an der Wourecht ubieden."
- 25 Du sot d'Fra zu him:  
"Ech weess, datt de Messias kënnt,  
dee Christus genannt gëtt.  
Wann hie kënnt,  
da verkënnegt hien äis alles."
- 26 De Jesus sot zu hir:  
"Ech sinn et, ech, dee mat dir schwätzt."
- 39a Vill vun de Samariter aus där Stad hunn un de Jesus gegleeft.

40 Wéi d'Samariter elo bei hie koumen,  
hunn si hie gebieden, bei hinnen ze bleiwen,  
an hien ass zwéin Deeg do bliwwen.  
41 An et hunn der nach vill méi gegleeft wéinst sengem eegene Wuert,  
42 an zu der Fra soten si:  
"Et ass net méi wéinst denger Ausso, wou mir gleewen –  
mir hu jo selwer héieren  
a mir wëssen, datt deen heite wierklech de Retter vun der Welt ass."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A. Dech, Christus, luewe mir.*